Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp Mère Thérèse Housen-Houschent | Julie LIPPERTS | 6, Cité Braetelt L-9466 Weiler | Tél: / GSM: 621 510 112 | lippertsjulie@hotmail.de

Weller, den 25. Juni 2020

Wëllefcher-Naturdag 2020

Léif Wëllefcher a léif Elteren,

No bal 4 Méint ouni Scoutsaktivitéiten, sinn mir endlech erëm zréck ! Fir perfekt an déi grouss Vakanz ze starten, proposéiert déi national Wëllefchersékipp eis een Dag an der Natur mat villen flotten Aktivitéiten an Iddien.

Wat ?	Een Dag an der Natur
Wéini ?	Samschdes, den 18. Juli 2020
Wou ?	Am Bësch rondrëm de Chalet Neihaischen
Treffpunkt ?	Mir treffen eis um **12:05** zu Ettelbréck op der Gare
Schluss ?	Um **19:35** sinn mir erëm zu Ettelbréck op der Gare
Mathuelen ?	• Ee Picknick fir mëttes an nomëttes • Ee Bidon mat Waasser • Ee Maillot oder eng Schwammbox • Een Handduch • Ersatzkleeder • Een Täschemesser wann s du eent hues
Undoen ?	• Kleeder déi dem Wierder ugepasst sinn an kennen dreckeg ginn • Fest Schong • Eng Mask/ Ee Buff
Präis ?	2€ *(bréngt dëse Betrag w.e.g. mat op d'Plaz)*

Mir hoffen dass du Loscht hues dobäi ze sinn ! Wann jo, dann mëllt dech bis spéitstens den 3. Juli un ! (lippertsjulie@hotmail.de oder SMS op den 621 510 112)

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,

Charlie, Charly, Chiara, Emma, Lisa, & Julie

www.lgs-houhou.lu